N° 7919
Entrée le 24.04.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 24.04.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 24. Abrëll 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

An den ëffentlechen Europaschoule ginn d'Enseignante no de offizielle Krittäre vun den Europaschoulen agestallt. Et gëtt awer och Lycéeën zu Lëtzebuerg, déi parallel zum "klasseschen" Enseignement secondaire eng europäesch Filière ubidden. Mengen Informatiounen no kënnt et do vir, dass spezifescht Léierpersonal vum "Enseignement européen" och op Klasse vum normalen ëffentleche Secondaire enseignéiert.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten :

- Kann den Här Minister confirméieren, dass spezifescht Léierpersonal vum "Enseignement européen" a Lycéeë mat enger duebeler Offer och op Klasse vum normalen ëffentleche Secondaire enseignéiert?
- Wa jo, kann den Här Minister mech driwwer informéieren, wéi vill Enseignanten aus dem "Enseignement européen" an deem Fall sinn, wéi eng Fächer dovu betraff sinn an ob iwwerpréift ginn ass, ob dës Leit d'Krittären erfëllen, fir am normalen ëffentleche Schoulsystem dierfen z'ënnerriichten?
- Ganz allgemeng, wéi ass d'Verhältnis tëschent Fonctionnairen a Chargés de cours an den ëffentlechen Europaschoulen, am Total an opgeschlësselt no Lycée?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7919 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

Et ginn aktuell sechs Schoulen, déi en Enseignement européen ubidden; et sinn dëst d'École internationale Differdange et Esch-sur-Alzette (EIDE), de Lënster Lycée International School (LLIS), de Lycée Edward Steichen (LESC), d'École internationale de Mondorf-les-Bains (EIMLB), d'École internationale Mersch Anne Beffort (EIMAB) an d'École internationale Gaston Thorn (EIGT).

**Ad 1) an 2)**

An enger Schoul intervenéiert Léierpersonal vum Enseignement européen och op Klasse vum nationalen Enseignement secondaire. Et handelt sech dobäi ëm en Total vu 55 Stonnen, déi vun 10 Enseignantë gehale ginn. D'Zuel vu 55 Stonnen ass extrem geréng am Verglach zu der Gesamtzuel vun de gehalene Stonnen; et sief och nach bemierkt, datt et ganz schwiereg ass, den Equilibrage vun den Tâchen ze maachen an enger Schoul, déi am Opbau begraff ass, an zwee Systemer ubitt, deen europäeschen an deen nationalen.

D'Verdeelung vun der Stonnenzuel no Fächer gesäit follgendermoossen aus:

| | |
|---|---|
| Däitsch | 4 |
| Englesch | 5 |
| Franséisch | 10,5 |
| Geschicht | 2 |
| Informatik | 5 |
| Latäin | 16,5 |
| Optiounscoursen | 4 |
| Sciences sociales | 2 |
| Sport | 5 |
| Vie et société | 1 |

D'Enseignanten, déi dës Stonnen halen, sinn ënnert dem Regime vum „Employé enseignant" agestallt ginn, d. h. si hunn en Zougang zum Beruff vum Enseignant a si verfügen iwwer fënnef Joer Beruffserfarung. Si enseignéieren all an hirer Mammesprooch a sinn opgrond vum hirem spezielle Regime an enger vun den administrative Sprooche getest ginn. Donieft ass séchergestallt, datt si mat Elteren a Schüler Berodungsgespréicher kënne féieren.

**Ad 3)**

An den ëffentlechen Europaschoule gesäit d'Verhältnis tëscht Fonctionnairen an Employéë (Maternel, Primaire a Secondaire) follgendermoossen aus:

| | ***Fonctionnairen*** | ***Employéen*** | ***Total*** |
|---|---:|---:|---:|
| EIDE | 39 | 159 | 198 |
| LLIS | 71 | 144 | 215 |
| LESC | 59 | 85 | 144 |
| EIMLB | 11 | 69 | 80 |
| EIMAB | 19 | 35 | 54 |
| EIGT | 6 | 32 | 38 |

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH